N°8348
Entrée le 17.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°8348 vum 26. September 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Diane Adehm.**

*Ass der Regierung bekannt, datt d'Presidentin vum LNS-Verwaltungsrot, d' Madame Evelin Schröck, Geschäftsführerin vun der däitscher Firma „GePaDo –Softwarelösungen für Genetik – GmbH" ass? Wa jo, féiert des Duebelfunktioun net zu Interessekonflikter?*

D'Presidentin vum LNS-Verwaltungsrot ass haaptberufflech Direktesch vun engem groussen akademeschen Institut vun Humangenetik op enger Universitéit an Däitschland. Donieft war si effektiv bedeelegt un der Grënnung vun enger Spin-off Gesellschaft déi Software fir Genetik entwéckelt. D'Presidentin hat dëst an aller Transparenz dem Verwaltungsrot déclaréiert.

*Schafft de Laboratoire national de santé, respektiv den National Center of Genetics mat Software vun der Firma GePaDo?*

Den LNS benotzt eng ganz Rei verschiddenen spezialiséiert Software Léisungen fir seng Missiounen an den verschidden medizineschen Departementer esou wéi an der Administratioun ze erfëllen.

Am Joer 2021 huet den LNS eng Demo Versioun vun der GEPADO Software kaaft fir 17'000 Euro. D'Ziel war deemools d'Fäegkeeten vun dëser Software an diagnosteschen Betrib vum lëtzebuerger Genetikzentrum ze évaluéieren. Bis haut ass awer nach keng definitiv Décisioun gefall, an et gouf nach keng Software a Routine-Produktioun geholl.

Am Fréijoer 2023 huet dunn den LNS décidéiert eng definitiv Software Léisung fir die genetesch Berodung ze sichen. Dobäi huet den LNS mat enger Consultance Firma zu Lëtzebuerg zesummegeschafft fir de komplexen Selektiouns- an Evaluatiounsprozess ze ënnerstëtzen.

Als éischt gouf eng Lëscht vu Bedierfnesser, Ufuerderungen an Evaluatiounscritèren entwéckelt an déi potentiell Ubidder identifizéiert.

No enger éischter Iwwerpréiwung vun de Léisunge mat de verschiddene Fournisseuren, gouf d'Décisioun geholl fir eng Ausschreiwung mat op mannst dräi Offeren opzemaachen. Den deemolegen Informatiounen no ass sech erwaart ginn, dass déi dräi Offeren ënnert dem Seuil vun engem Marché public géingen bleiwen.

Den LNS huet dunn och dräi Offeren era kritt. Déi grëndlech Evaluatioun vun de medezineschen, techneschen a finanziellen Aspekter huet zu engem Ranking vun de verschiddene Léisungen gefouert, wou bäi d'GEPADO Software sech als éischt plazéiert huet. Dës Offer war och ënnert dem Seuil vum Marché public, mee wann een d'Offer vun 2023 zesummen mat dem Kaf vun 2021 an den Maintenance Käschten zesumme zielt, gouf de Seuil depasséiert. Aus dësem Gronn ass den LNS am Moment am gaangen eng ëffentlech Ausschreiwung fir eng «genetic counseling» Software ze preparéieren, déi nach virun Enn des Joers publizéiert soll ginn.

*Lafen am Moment nach weider Ausschreiwunge fir spezifesch Software?*

An den nächsten zwee Joer sinn viraussiichtlech nach ëffentlech Ausschreiwungen fir een Laboratory Information Management System (LIMS) an een Enterprise Resource Planning (ERP) System geplangt.

Lëtzebuerg, den 16. November 2023

D'Gesondheetsministesch,
(s.) Paulette Lenert